

Fir d'Meenungsfräiheet a géint de Lénkspopulismus vu Gambia junior

Pressematdeellung, 15. Dezember 2016

Mir vun der Adrenalin hunn net schlecht gestaunt, wéi mir gelies hunn, wat déi jonk Sozialisten an enger Pressematdeellung vum 9. Dezember fuerderen. Si froen doran d'Regierung, "konkrete Maßnahmen zu ergreifen, damit jeder Politiker, der öffentlich falsche Fakten und Unwahrheiten verbreitet, bestraft wird". A si froen d'Regierung fir d'sozial Medien ze reguléieren.

Mir fannen, dat wäeren Zoustänn wéi an der Tierkei, wou haut Politiker bestrooft an an de Prisong gestach ginn, déi eng aner Meenung hunn wéi de President, a wou probéiert gëtt, den Internet ze kontrolléieren.

Sécher gëtt et bewosst Onwouregten, déi gesot ginn, och vu Politiker. Mä zënter dem Referendum gëtt probéiert, all Meenung, déi net op Regierungslinn läit, als falsch duerzestellen an ze verbidden. Den neie lénksideologeschen Zäitgeesch lésst nëmme seng eege Meenungen an Aussoe gëllen. Dee ganze Juso-Text huet genee deen eklege Bäigeschmaach vun Zensur.

An de soziale Medien kréien Leit neierdénge ënner der Undreeung vun der Police oder engem Prozess z.B. op Facebook hir Meenung verbueden. Oder wa si eppes soen, wat fir vill Mënsche Kapp a Fouss huet, jäizt eng Minoritéit, dat wier Populismus, fir hinnen de Mond ze verbidden. Partee gi ganz bewosst als populistesch bezeecht oder an een Eck gedrückt, och oder grad well si sech op Fakte beruffen. Just datt déi Fakten der politescher Majoritéit oder, deenen, déi sech duerfir halen, net gefalen.

Natiirlech mussen och an de sozialen Netzwierker gewësse Regelen agehale ginn. Rezent Prozesser weisen jo, datt et duerfir Gesetzer gëtt a keng nei mussen erfionnt ginn. Mä aus dem Juso-Kommuniké liest een eraus, datt et hei manner em d'Bestroofung vun schlëmme Beledegungen, „Volksverhetzung“ oder effektive Falschaussoen geet, mä vill méi, datt d'jonk Sozialisten sech un der Meenungsfräiheet an der Demokratie stéieren. Besonnesch schlëmm: Déi puer hongreg Zeile vun hierem Kommuniké si voll vu Verdréiunge vu Fakten a vun Ënnerstellungen. Wa si wierklech „gegen Populismus im Kampf um den Erhalt der Demokratie“ wäeren, misste si sech elo als Ober-Populiste selwer aspären.

Et muss diskutéiert an argumentéiert ginn, dat ass noutwänneg, wann ee wëll zesummen an engem Land eppes ereechen. An dat geet nëmme, wann ee fräi schwätze kann. Et funktionéiert einfach net méi, wa jidferee fäerte muss, bestrooft ze ginn. Da seet kee méi, wat hien denkt. A wa kee méi sech traut, ze soen, wat hien denkt, si mir net méi an enger Demokratie!